Lëtzebuerger Club Roude Léiw

# Fréijorsrencontre

De Lëtzebuerger Club Roude Léiw invitéiert Iech gären op Bern den

**2. Abrëll 2023**
**11.00 Auer**

Restaurant «Zum Äusseren Stand»
Zeughausstrasse 17
3011 Bern



## Programm

- Generalversammlung
- Apéritif
- Gemittlecht Mëttegiessen
- Mir loossen eis musikalesch vun «Les 5 Gourmets» verwinnen!



Haut spille fir eis

Ramona Schuh, Trompett
Michel Berns, Trompett
Gilles Klein, Cor
Claude Origer, Trombonne
Yves Schumacher,Tuba

Am Joer 2000 gegrënnt, zielen «Les 5 Gourmets» zu de bekanntsten Museksgruppen vu Lëtzebuerg.

Dozou gehéieren Optrëtter an der Philharmonie zou Lëtzebuerg an och op vill anere Plazen.
Déi ënnerschiddlech Kläng vun hiren Instrumenter maachen et méiglech, Musek duerch verschidden Zäiten mateneen ze verbannen.
Dir däerft d'Ouere spëtzen a gespaant sinn!
Ee grousse Merci deene «5» fir hier Generositéit, exclusiv fir de Lëtzebuerger Club Roude Léiw an der Schwäiz opzetrieden!

Mir fuere weider mat engem gudden Iessen, gekacht vum Stärekach Fabio Toffolon.

| | |
|---|---|
| Präis fir Memberen | CHF 65.- |
| Präis fir Gäscht | CHF 100.- |
| Kanner bis 16 Joer | CHF 30.- |

**Am Präis abegraff sinn**: Apéritif, Iessen a Gedrénks, Kaffi an natiirlech déi 5 Gourmets.

**Fir de Vegetareschen oder de Kanner Menu** mellt Iech w.e.g. beim Ginette Rüdy: ginette.ruedy@svema.ch oder 044 850 40 37

Mat ärer Iwwerweisung bis den **24.3.2023** sidd Dir definitiv ugemellt.

Wéint de Bestëmmungen vum Restaurant kënne mir bei kuerzfristeger Ofso no 48 Stonne virum Event leider näischt zréckbezuelen. Merci fir Ärt Verständnes.

**Wéi Dir dohinner kommt**

| | |
|---|---|
| Mat ÖV | Vun der Berner Gare sinn et 5' zou Fouss |
| Mam Auto | Nët wäit vun der Gare ass e grousse Parking |

**De Comité freet sech wann Dir zou ganz Vill op Bern kommt!**

👍 Fir näischt ze verpassen: Reservéiert Iech haut schon den **24.9.2023** zu Basel 👍